N°3789
Entrée le 15.04.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 3789 vum 18. Mäerz 2026 vum Här Deputéierten Marc Goergen.**

Den honorabelen Deputéierte freet am Kader vu senger parlamentarescher Fro no präzisen Informatiounen iwwer d'Kommunikatioun, d'Zousoe vum Ministère, den Zäitplang, souwéi d'technesch Detailer (Verlaf, Längt a Breet) vun der Ëmgeeungsstrooss Dippech.

**1. Firwat ass d'Kommunikatioun zu dësem wichtegen nationale Projet haaptsächlech iwwer d'Gemeng an net iwwer de Mobilitéitsministère gemaach ginn?**

**2. Wat gouf dem Dippecher Schäfferot konkret vum Mobilitéitsministère zougeséchert an entspriechen d'Aussoe vum Dippecher Schäfferot am WORT-Artikel den Zousoen, déi de Ministère der Gemeng gemaach huet?**

**3. Wéini ass de Bau vun der Ëmgeeungsstrooss geplangt, a bis wéini soll se fäerdeg gestallt ginn?**

**4. Wéi soll den Uschloss vum Contournement Dippech-Gare mat dem am Artikel beschriwwene Projet konkret realiséiert ginn?**

**5. Wéi laang a wéi breet soll den Tracé vum geplangte Contournement sinn?**

Am Kader vun enger Reunioun den 24. Februar 2026 tëscht dem Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten (MMTP), der Stroossebauverwaltung an der Gemeng Dippech ass festgehale ginn, dass d'Verwaltung zum neie Virschlag vun enger Ëmgeeungsstrooss am Sënn vun engem "Contournement de proximité", déi éischt virleefeg Etüde duerchféiere wäert.

Well et zu dësem Zäitpunkt awer nach keng Detailer iwwert de Verlaf vun der Ëmgeeungsstrooss gëtt, kennen och keng Aussoen zu präzise Froe gemaach ginn.

Am aktuelle Stadium handelt et sech ëm éischt konzeptuell Iwwerleeungen, déi an engem Dialog mat der Gemeng diskutéiert goufen.

Den MMTP huet der Gemeng Dippech an dësem Kader seng Bereetschaft signaléiert, de Virschlag vun der Ëmgeeungsstrooss ze analyséieren. D'Aussoe reflektéieren deemno eng éischt positiv Opfaassung am Hibléck op eng weider méi fachlech Evaluatioun, ouni dass domat schonn definitiv Decisioune getraff goufen.

Wat den Zäitplang ugeet, kann zum aktuelle Moment nach keng Ausso gemaach ginn. Prioritär gëllt et elo, op Basis vun den ugestoussene Analysen an Etüden, eng zolidd fachlech Grondlag ze schafen, op där spéider Entscheedunge kënnen getraff ginn.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Zesummegefaasst befënnt sech de Projet an enger fréier Konzept- an Analysphas, an där nach keng definitiv Entscheedunge getraff goufen, mee awer d'Grondlage fir eng eventuell weider Ëmsetzung geschafe ginn.

Lëtzebuerg, den 15. Abrëll 2026

D’Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes